Léif Journalisten,

Nodeems d'Theaterpräisser 2021 an 2023 ënnert Konditioune vergi goufen, mat där mir als Associatioun, déi d'Intérête vun de Schrëftsteller:inne vertrëtt, net konnten zefridde sinn, ware mir beim Kulturministère an der Theater Federatioun intervenéiert, fir eng méi grouss Visibilitéit an e méi grousse Stellewäert vum Text beim Verginn vun deene Präisser ze fuerderen. Et ass schliisslech evident, datt den Theatertext an d'dramatescht Schreiwen déi noutwendeg an onverzichtbar Bedingung sinn, fir datt et iwwerhaapt eng Opféierung gëtt. Deemools krute mir gesot, datt d'Aart a Weis, wéi d'Nominatiounen erausgesicht ginn, géif iwwerschafft ginn, fir e besseren Equiliber tëscht de verschiddene kënschtleresche Sparte vum Theater an eng méi grouss Transparenz bei der Nominatioun ze garantéieren.

Mir stelle fest, datt doraus näischt ginn ass. Den Theatertext gëtt nach ëmmer bei eng Kategorie bäigepraff, déi een ouni ze iwwerdreiwen als Wullkëscht ka bezeechnen (Mise en Scène, Konzept, Choreographie). Wéi wann dat net scho schlëmm genuch wär, stinn dëst Joer op der Shortlist vun där Kategorie véier (!) Kreatiounen aus dem Beräich vun der Choreographie an eng Theaterregisseurin.

Mir stellen de Mérite vun deenen Nominatioune net a Fro. An awer si mir méi wéi erstaunt iwwert deen offensichtlechen Desequiliber an de Mangel un Interessi fir de Beruff vun deene Leit, déi fir den Theater schreiwen.

Mir kënnen einfach net gleewen, datt ënnert deene villen Texter an Traductiounen, déi an deene leschten zwee Joer souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland mat Succès op d'Bün bruecht goufen, net emol een eenzege sollt sinn, deen et verdéngt hätt, och just fir e Bünepräis nominéiert ze ginn.

Vun deene Leit, déi d'Froen a Problemer vun eiser Zäit an hiren Texter verhandelen an sech mat wichtige gesellschaftlechen Theemen auserneesetzen – dacks mat engem Fokus op Lëtzebuerg – wier net emol een eenzegen, deen eng Nominatioun verdéngt hätt, mat der Ausnam vum jonken Antoine Pohu, deen awer an der Kategorie vum Nowuesstalent nominéiert ass?

Datt den Text eng weider Kéier iwwergaange gëtt, ass eng zousätzlech Téitsch an der Konzeptioun vun dëse wierklech wichtege Präisser, déi vu Grond op nei geduecht misste ginn, fir datt se dee Rayonnement an déi professionell Envergure kréien, déi hinnen zousteet.

Associatioun Lëtzebuerger Literatur
Association littérature luxembourgeoise
Association luxembourgish literature
Assoziation Luxemburger Literatur
1, rue de Laroche
1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu